



Droit d'exercer, wou een eben an der ganzer EU dat dote soll kucken.

Déi Aarbechten, déi lafen, a soubal mer déi ofgeschloss hunn an natierlech an deenen dote Punkte Rechnung droen an deenen Aarbechtsgruppen - déi si schonn opgeworf ginn, do gëtt vill driwwer diskutéiert -, da komme mer natierlech och mat dem respektive Projet hei an d'Chamber, fir dat dann och an der Kommissioun ze diskutéieren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci. Eis virlescht Fro kënnst vum Här André Bauler, riicht sech un d'Statssekretärin am Wirtschaftsministère an dréit em d'Aktivitéitszonen am Norde vum Land. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

- **Question n°114 du 15 juin 2015 de M. André Bauler relative à l'extension des zones d'activités économiques dans le Nord du pays, adressée à Mme la Secrétaire d'État à l'Économie**

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wollt eng Fro un d'Madame Statssekretärin an der Économie stellen. Am Norde vum Land, besonnesch an de Kantonen Dikrech a Clief, fänkt et wierklech un, méi enk ze gi mat Terrainen an Aktivitéitszonen. Déi geplangt Aktivitéitszon um Fridhaff am Kanton Dikrech ass do e wichtige Schrëtt, fir dass existent Betriber aus dem Sauerdall eng nei Plaz fir hir Aktivitéite kënnen fannen.

Et mierkt een awer, dass Betriber besonnesch am Transportsektor, zum Beispill wat den Transport vu Wueren ugeet, an och am Handwierk et nach ëmmer schwéier hunn, fir eng Plaz an enger Aktivitéitszon ze fannen. Si wëllen hir Uertschaft, an där se kaum bis guer net expandéieren kënnen, verloossen, fir sech op engem méi accessibelen a méi séchere Standuert ze implantéieren, zemol wou dese Wiessel och Plaz ka schafe fir neie Wunnraum an diesen Uertschaften.

Dofir wollt ech d'Madame Statssekretärin froen, ob si an hir Servicer Méiglechkeete gesinn, fir dese mëttelstännesche Betriber mat Wuesstumspotenzial entgéintzekommen, an ob si schonn an deem Kontext Gespréicher mat dem Ëmweltministère hat, fir kuerzfristeg Léisungen an de bestehenden Zones d'activités ze fannen an esou och eng rasonabel Extensioun an de bestehenden Zonen ze erméiglechen. Hei geet et ëm Aarbechtsplazen, jo, em dat laangfristeg Iwwerliewe vu Betriber.

Am Raum Dikrech deet sech jo lues a lues eppes, ma wéi gesäit d'Situatioun am Clief, am Wolzer an am Réidenr Kanton ass? Wéi grouss ass hei de Spillraum? Wat sinn hei d'Perspektive fir Betriber, déi no engem géeegenten Terrain sichen?

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och dem Här Bauler. An d'Wuert huet d'Madame Statssekretärin am Wirtschaftsministère. An ech géif d'Kollege vum der Madame Statssekretärin em Opmierksamkeet bieden.

► **Mme Francine Cloener, *Secrétaire d'État à l'Économie*.** - Merci, Här President. Den honorabelen Deputéierten André Bauler huet vollkomme recht. Am Norde vum Land fänkt et un, enk ze ginn an den Aktivitéitszonen. Wann een d'Situatioun an de regionalen Zone kuckt, da weist sech, datt effektiv am SICLER, dem Gemengesyndikat aus dem Norden, dass et do quasi voll ass, quitte datt, wann een e puer kleng Modifikatiounen mécht, dat deen een oder deen aneren Terrain nach hiergëtt.

Zu Elwen ass eng Zon an der Planung.

(**Interruption**)

Zu Elwen ass eng Zon an der Planung an och zu Lenzweiler ginn et do ganz sécher nach Méiglechkeeten. Mä dat ass nach net konkret. Dat ass nach net fir haut a muer.

An zu Dikrech par contre, do gëtt jo elo wierklech intensiv dru geschafft. Do geet et intensiv weider um Fridhaff am Kader vum Gemengesyndikat ZANO. Dat si brutto 45 Hektar, déi do kommen. Am Prinzip kënnen d'Erbschleissungsarbeiten d'nächst Joer ugoen. Et ass awer och esou, dass déi éischt Betriber sech net virun 2017 do kënnen niderloossen. Am Réidenr Kanton sinn och just nach e puer Parzelle fräi. An zu Wolz a Wanseler ass leider bal näischt méi disponibel.

Mä et ass awer elo esou, dass net den Norden eleng mat där doter Problematik natierlech geplott ass. Och soss am Land sinn ëmmer manner Terraine fräi fir nei Wirtschaftsaktivitéiten. An duerfir ass de Plan sectoriel «Zones d'activités économiques» jo esou wichteg a méi néi-

deg wéi jee. Et ass wierklech schued, dass dee ganze Prozess vun de Plans sectoriels nach eemol huet missen op de Leescht geholl ginn. Mä esou, wéi se hannerlooss goufen, konnte se eben net duerchgoen.

An duerfir bitt sech dann och elo d'Geleeënheet, se besser ze maachen. An dat mécht d'Regierung elo ganz intensiv an och transversal. Net méi spët wéi gëschter waren déi concernéiert Ministeren am MDDI mat Vertrieeder vun der Société civile zesummen, fir si mat-anzebeziehen, fir mat hinnen zesummen ze plangen. An dee ganze Prozess, ech mengen, dat ass eng participativ Approche, déi mer wëllen an déi mer och brauchen, fir d'Weiche fir d'Zukunft richtig ze stellen.

Dozou gehéiert ganz sécher, dass mer eben erëm nei Reserven u Bauland opbauen, fir nei Aktivitéitszone kënnen ze schafen, fir déi bestehend och ze vergrësseren. Et ass ganz richtig, et ginn effektiv vill an ëmmer méi Betriber an engem Duerfkär, déi wëllen ausbauen, déi dat awer net kënnen, déi dat vläicht och net dierfen. Déi Betriber müssen absolutt d'Méiglechkeet kréien, fir sech ze relokaliséieren, an zwar an der Regioun, fir weider kënnen ze wuessen, fir weider kënnen Aarbechtsplazen ze schafen an ze erhalen.

An ech wëll hei wierklech op déi Noutwendegkeet vun deene Reserven hiweisen, well mer iwwert déi nächst zéng, fofzéng Joer musse plangen. Et geet einfach net, dass mer ofwaardeden, bis sech op enger Plaz genuch Betriber summefannen, déi no neie Plaze sichen. Dat wär ganz einfach irresponsabel, fir dorobber ze waarden, well d'Erfahrung jo weist, dass et Jorendauert tëscht dem Moment, wou sech de Besoin bemierkbar mécht, an deem Moment, wou en Terrain fonnt ass an d'Prozeduren duerchlaft sinn. An d'Aarbechten, fir ze erschleissen, bis déi ofgeschloss sinn, deen Délai ass einfach extrem laang an duerfir musse mer plangen an duerfir musse mer eben Terraine reservéieren.

Natierlech hunn och verschidden Typen vu Betriber méi Problemer, fir en Terrain ze fannen, wéi anerer. Duerfir wëlle mer och den Zougang zu deenen Zonen méi einfach maachen, d'Konditiounen, déi ze erfëlle sinn. An dat géllt ganz besonnesch fir d'Handwierk.

Mir sinn och amgaang ze iwwerleeën, wat mer ebe fir Firmae maachen, déi néierens esou richtig beléift sinn, déi keen esou richtig wëllt hunn. Dir hutt den Transportsektor ugeschwat. Ech denken och un de Bau. Ech mengen, déi Entreprises, déi brauche vill Flächen. Si hu sur place weening Personal. Et ass awer esou, dass se mat hire Camionen respektiv mat de Busse vill Trafic, vill Kaméidi generéieren.

Ech weess, dass schonn deen een oder deen aneren och an d'Grenzregioun ausgewach ass. Ech mengen, dat ka keng Léisung sinn. Dat ass och net nohalteg. Mir müssen dee Problem upaken an eis iwwerleeën, ob mer net an deene verschiddene Regione vum Land extra Zone schafe fir esou eng Zort vu Betriber. Mä dat si mer amgaang ze kucken an dat geet och nëmme an Zesummenaarbecht natierlech mat de Gemengen, mat de Syndicaten. Vun de Gemenge gi jo ganz vill Initiativen aus. Ech wëll och ënnersträichen, dass mer elo un neien Zone schaffen, dass mer net waarden, bis de Plan sectoriel erëm fäerdeg ass. Meng Leit stinn zur Verfügung, fir mat de Gemengen un neien Iddien ze schaffen. Et ass kloer, dass mer och weiderhin déi 85% vun de regionalen Zone virfinanzéieren.

A ganz zum Schluss nach just ee Wuert zu de Relatiounen mam Ëmweltministère. Dir hutt déi ugeschnidden. Et ass evident, dass mer beim Plange vun neien Zonen a beim Ausbau vun deene bestehenden direkt vun Ufank un mam Naturschutz a mat der Ëmwelt, also mat de Verwaltungen vun Naturschutz an Ëmwelt dat zesummen uginnt. Ech wëll och net, dass mer do mam Briecheise virginn, well herno hu mer zréckgeschafft, wa mer déi Prozeduren net ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Madame Statssekretärin, Dir misst zum Schluss kommen.

► **Mme Francine Cloener, *Secrétaire d'État à l'Économie*.** - Direkt. Et ass awer sécher nach Sputt, fir an de Prozedure méi séier ze ginn, dat ass kloer. Ech mengen, mir brauchen do eng pragmatesch Approche. An déi hu mer och mam Ministère vum Environnement, mam Statssekretär, mat der Ëmweltministesch. Mir kucken déi Froen zesummen. Mir kucken déi vu Fall zu Fall, an zwar vun Ufank un. Dann entsti keng falsch Délaien, keng Malentenduen. Ech mengen, dat ass och de Virdeel, wann een an enger Regierung kee Silosdenken huet.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och. An ech géif d'Kollegen aus der Regierung

bieden, sech un déi véier Minutten ze halen. Ech gesinn, d'Chamber mécht dat ewell ganz disziplinéiert. Wann ech gelift, et géllt fir jiddwereen!

Eis lescht Fro kënnst vum Alexander Krieps, riicht sech un den Aarbechtsminister a geet em eng gefrote sechst Congéswoch. Déi gëtt awer net vum Här Alexander Krieps gefrot.

- **Question n°115 du 15 juin 2015 de M. Alexander Krieps relative à la récente revendication d'un syndicat d'introduire une 6^e semaine de congé payé légal, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire**

► **M. Alexander Krieps (DP).** - Nëmme net, nëmme net!

(**Interruption**)

Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, Här Minister, erfreet war ech gëschter ze héieren, dass trotz der TVA-Erhéijung vun 2% d'Präisser am Land relativ stabil bliwwen sinn.

(**Interruption**)

Dat weist d'Wäitsicht vum Här Jean-Claude Juncker, deen op dëser Tribün viru genau zwee Joer ugekënnegt hat, déi TVA em 2% ze hiewen, nodeem dass natierlech déi deemoleg Regierung 8,5 Milliarde Scholde gemaach hat an dräi Joer.

(**Interruption**)

Meng Fro haut betrëfft net deen Defizit, mä d'Fuerderung vun enger Syndikatsäit, fir eng sechst Woch Congé anzeféieren...

(**Hilarité**)

...an de legale Congé zu Lëtzebuerg, 25 Deeg plus, dëst Joer, zéng Feierdeeg, a verschidde Secteuren hunn nach gären zéng Deeg méi wéi dat.

Dofir ass meng Fro: Fäert d'Regierung net, dass d'Aféiere vun enger sechster Woch Congé fir kleng Betriber eng extrem Belaaschtung wäert ginn an engem Ëmfeld...

(**Interruption**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Wann ech gelift! Am Moment huet just den Här Alexander Krieps d'Wuert!

► **M. Alexander Krieps (DP).** - Ech kann Iech awer herno nach äntwerten, well wann...

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Ech wëll Iech just drun erënneren, dass bei deene mëndleche Froen hei just d'Deputéiert an d'Regierungsmemberen d'Wuert hunn. Den Här Aly Kaes huet virdru ganz disziplinéiert d'Wuert gefrot. En huet et net kritt, well mer hei an enger anerer Prozedur sinn. Ech géif Iech also, wann ech gelift, bieten nozelauschten!

► **M. Alexander Krieps (DP).** - Wéi vill Minutten hunn ech dann nach?

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Dir hutt nach genee 40 Sekonnen.

► **M. Alexander Krieps (DP).** - Merci. Jo, gëschter war rieds vu 86.000 Emploien.

Do sidd Der awer knéckeg, mengen ech!

(**Hilarité générale**)

Also, fir ganz vill Betriber...

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Mir kënnen verhandelen.

► **M. Alexander Krieps (DP).** - Jo, an der Rei! Also, 86.000 Emploien a ganz sensibele Secteuren, déi der Kompetitivitéit ausgesat si vum noen Ausland, wou manner wéi e Véierel Paie bezuelt ginn, an dem sozialen Dumping, dee mer net an de Grëff kréien an esou virun. Fäert de Minister net, oder d'Regierung villméi, dass Interimsplaze geschafft ginn?

An ech hunn och déi sechst Woch Congé net am Regierungsprogramm - ech liesen deen elo all zweet Woch - erëmfonnt, op kenger Säit. Also, ech wollt hei nach eng Kéier da froen, ob et net méi wichteg wär, Aarbechtsplazen ze erhalen, wéi de Risiko ze lafen, duerch eng 2,37 bis 2,40 linear Paieméiausgab an de Betriber Plazen a Gefor ze setzen!

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och dem Här Krieps. An d'Wuert huet dann den Här Aarbechtsminister.

► **M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.** - Här Deputéierten, ech fäerte guer näischt, emol éischters, well ech nach net d'Impressioun hunn, datt dat doten eng Saach ass, déi elo schonn emgesat wier. Hei ass eng Proposition, vläicht eng Revendicatioun, mä mir sinn awer nach da wäit ewech vun der Ëmsetzung.

Sécher huet all Partner, Sozialpartner d'Recht, dat ze fuerderen an dat ze proposéieren, wat e wëllt. Mä vun där Fuerderung bis zur Ëm-

setzung ass nach e Wee. Mir hu momentan Diskussiounen iwwert d'Organisatioun vun der Aarbechtszäit. Wann déi Fuerderung do soll an déi Diskussioun kommen, dann ass se dran. Mä ech mengen, bis zur Realisatioun ass nach e Wee.

► **M. Alexander Krieps (DP).** - Merci villmools.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och dem Här Aarbechtsminister.

Mir wäeren um Enn vun eiser Froestonn ukomm a mir ginn op eisen nächste Punkt um Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 6713 iwwert d'TVA an d'Akzisen. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madame Joëlle Elvinger. Madame Elvinger, Dir hutt d'Wuert.

5. 6713 - Projet de loi modifiant:

- **la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;**

- **la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilés des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques;**

- **la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme**

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, op dëser Plaz maachen ech Iech de Rapport zu engem Gesetzestext, deen zwee Objekten huet: Op där enger Säit geet et an der Haaptsaach drëms, verschidde fakultativ Dispositione vun der sougenannter „Directive TVA“ an eist nationaalt Recht ëmzesetzen. An op där anerer Säit geet et em kleng Ännerunge bei den Akzisen.

De Projet de loi 6713 ass den 28. August 2014 vum Finanzminister déposéiert ginn. Den 13. Oktober huet d'Chambre des Fonctionnaires et Employés Publics hiren Avis publizéiert. Den 30. Oktober huet d'Chambre des Salariés hiren Avis ofginn. De 25. November huet d'Chambre de Commerce an de 5. Dezember huet d'Chambre des Métiers hiren Avis ofginn.

Den 9. Dezember huet de Statsrot du sâin Avis finaliséiert. An den 19. Mee huet d'Regierung Amendementen zum initialen Text erageeicht, soudass de Statsrot sâin Avis complémenteaire den 2. Juni verfaasst konnt.

D'Finanz- a Budgetskommissioun huet de schrëftleche Rapport an hirer Sëtzung vum 9. Juni 2015 ugeholl.

Här President, den éischten Objet vun dësem Gesetzestext betrëfft eng Rei fakultativ Dispositione vun der Directive TVA, déi mer an eist nationaalt Recht ëmsetzen an déi d'Zone franche betreffen. Mir erweideren hei de Perimeter vum sougenannten „Régime suspensif“ vun der TVA, esou wéi den Artikel 163 vun der Direktiv et virgesäit.

Ech wëll elo net ze vill an den techneschen Detail agoen. Et geet hei ëm Adaptatiounen vun eise TVAs-Gesetz, déi noutwendeg sinn, fir engersäits de legale Kader vum Freeport ze erweideren, an zweetens, fir och eis Économie ze diversifiéieren.

An dësem Zesammenhang wëll ech dann och preziséieren, dass duerch dese Gesetzestext all Operateuren vum Port franc den Obligationen a Saache Lutte géint de Blanchiment an d'Finanzéierung vum Terrorismus ënnerleien.

Den zweeten Objet vun dësem Projet de loi ass eng eng technesch Adaptatioun bei den Akzisen. Heizou wëll ech rappeléieren, dass 2010 de sougenannten „droit d'accise autonome spécifique“ fir den Tubak agefouert gouf. Hei besteet am Moment eng Limite vun 10 Euro de Kilo. A well dës Akzise sech iwwert déi lescht Jore weiderentwéckelt hunn a beim Dépôt vum Projet de loi bei 9 Euro louchen, gëtt dës Limite - an ech preziséieren hei, dass et sech ëm en Taux maximal handelt - vun 10 Euro op 25 Euro de Kilo erhéicht, fir eventuell zukünfteg Erhéijungen ze anticipéieren.

Am Géigesaz zu deem, wat haut eng Dageszeitung geschrriwwen huet, geet et hei net drëms, eng Tax mol 2,5 ze multiplizéieren an esou direkt d'Akzisen ze erhéijen, mä mir erhéijen hei wierklech just e maximalen Taux, fir weider Erhéijungen eventuell gegebenenfalls zu engem gewëssenen Zäitpunkt ze erméiglechen.

Här President, de virleienden Text gesäit verschidde punktuell Ännerunge vun dräi Gesetzer



vir. An et geet hei haaptsächlech drëms, eis Ekonomie ze diversifiëieren an awer och dem Konschthandel eng nei Dynamik ze ginn. Ech mengen, mir sinn eis heibannen all eens, dass mer eng kompetitiv Wirtschaft brauchen an et ni falsch ass, sech verschidde Standbeen opzebauen.

Ech géif dann och hei dem Finanzminister souwéi och dem Direkter vum Enregistrement an de Beamte vum Finanzministère Merci soe fir déi exzellent Zesummenaarbecht mam Parlament. An ech géif och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, och wann et net einfach war, mat e bësse manner Stëmm.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci der Madame Elvinger. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Ech soen dem Joëlle Elvinger, der Rapporteuse, Merci fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Si huet gesot, den eigentlechen Zweck vun deem Gesetzesprojet ass et, en attraktive Steuerregime fir de Freeport um Findel ze schafen. Dat maache mer engersäits, andeems dass mer e reduzéierten TVA-Saz vun 8% applizéiere fir d'Importer, dat heescht déi Gidder, déi an de Freeport eraginn. A währenddem, wou déi Gidder, haaptsächlech Konschtojekter, an dem Freeport sinn, gëtt op deenen Operatiounen keng TVA verrechent. D'TVA gëtt eigentlech érischt verrechent, wann déi Gidder de Freeport verlossen. Wann et an en Drëttstat geet, gëtt keng TVA verrechent. An dee Moment, wou den Assujetti an engem europäesche Memberstat ass, gëtt och keng TVA verrechent.

D'CSV seet prinzipiell Jo zu deem Gesetzesprojet, well en éischstens emol rechtlech duerch eng europäesch TVAs-Direktiv ofgeséichert ass. Mir maachen also hei nëischt Ònméiglech, mä dat, wat mer virgesinn, ass eng Facultéit, déi d'europäesch TVAs-Direktive virgesinn.

Zweetens steet d'CSV och politesch zu der Diversifizierung vun eiser Wirtschaft. Mir hunn engersäits de Bankesecteur, an et ass iwwert déi lescht Joren ëmmer gekuckt ginn, fir doniewent och e Logistikzenter opzebauen. Abee, de Freeport op dem Findel, dee verbënnt eigentlech engersäits d'Aktivitéite vun der Finanzbranche mat deene vun engem Logistikzenter.

Mir stinn och zu deem favorable Steuerregime, well ouni deen eise Freeport um Findel keng Kompetitivitéit huet vis-à-vis vun anere Freeporten, déi mer hunn, zum Beispill zu Genève oder zu Singapur. Well den eigentlechen Zweck ass jo deen, fir déi bescht Zone franche an der Europäescher Unioun hei zu Lëtzebuerg ze hunn, an duerfir ass och deen attraktiven TVAs-Regime néideg.

Mir soen awer Jo gekoppelt un en Amendement, dat vun der Regierung en cours de route eragereecht gouf, nämlech dat, dass den Operateur vun dem Freeport sämtlechen Obligatione vun der véierter Blanchimentsdirektiv, dat heescht den Obligatione vun dem Wäisswäschen (veuillez lire: géint d'Wäisswäschen) vun de Suen, ënnerläit. Mir sinn der Meenung, dass dat och batter néideg ass an Terme vun Image, net nëmme vun dem Freeport, mä virun allem vum gesamte Land, well déi negativ Norichten, déi nëischt mat dem Gesetz ze dinn haten, mä mat de Leit, déi un der Spëtzt vun dem Freeport stoungen, déi dinn dem Freeport virun allem, mä dem Land insgesamt, net gutt!

D'Chambre de Commerce, déi huet d'lescht Woch och, ech soen, méi en „kriteschen“ Avis eragereecht iwwert déi Bestëmmungen, dass den Operateur, dat heescht de Responsable vun dem Freeport, den Obligatione vun dem Wäisswäschen (veuillez lire: géint d'Wäisswäschen) vum Geld géif ënnerleien, andeem e misst all Transaktioun als sougenannt „suspekt“ Transaktioun och der betreffender Cellule bei dem Parquet mellen.

Et kann een aus der Siicht vun der Handelskummer deen Avis verstoen, well en trotzdem op eng Rei vun administrative Chargen hiweist. Mä ech soen awer grad esou kloer: Als CVS deele mir deen Avis net. Ech mengen, hei geet et einfach ëm den Image vun dem Freeport an duerfir muss een och der Realitéit an d'Ae kucken. Ech mengen, et ass en oppent Geheimnis, dass besonnesch op dem Niveau vun dem Handel mat Kulturgidder, Tableaux oder anere Saachen, de Risiko, ech betounen „de Risiko“ vum Wäisswäsche vu Suen net kleng ass. An duerfir soll een och net d'Ae virun der Realitéit zoumaachen. An duerfir muss mer déi beschtméiglech Kontrollen an dem Freeport asurëieren.

Mir maachen dat haut, andeem mer deem Gesetzesprojet zoustëmmen. Et ass virun allem awer och d'Responsabilitéit, an dat soll ee gradesou kloer soen, vu jiddwerengem, deen um Niveau vun dem Freeport agéiert, dass dat och an deem legislative Kader ëmgëst gëtt, deen d'Chamber zesummen haut mat der Regierung setzt.

Mir mussen streng sinn, well an deem Beräich kann een net streng genuch sinn. A loosse mer dat éierlech soen: Wann do eng Kéier eppes mat Wäisswäsche vu Sue sollt schifgoen, also, do mussen mer laang lafen, fir dat erëm richtzebéien. An deem Sënn a mat deene Bemerkungen ginn ech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zu deem Gesetzesprojet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Roth. Nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Ech wëll och der Madame Elvinger gär Merci soe fir hire ganz gudden mündlechen a schrëftleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot zu deem Projet de loi. An domat géif ech den Accord abréngen vun der LSAP-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Fayot. An nächste Riedner ass den Här Henri Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Jo, Merci, Här President. Ech wëll dann och mech de Mercie vu virdu un d'Rapporteuse uschlësse fir de mündlechen an de schrëftleche Rapport. Et ass virdu vun de Risikoen an de Virdeeler awer och geschwat gi vun esou engem Freeport. Ech ka mech deem och uschlëssen a gi gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Jo, Merci. Dann huet d'Wuert den Här Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Villmoos Merci, Här President. Och mir schlëssen eis souwuel de Mercie wéi der Approbation zu deem Text un. Besonnesch begreisse mer och d'Extension vun deem Regime op d'Enchère publique vun Œuvres d'art, well ech mengen, dat ass e ganz besonnesch interessante Crénau fir eist Land. Wa mer kucken, wat zu Paräis, zu Monaco an op anere Plazen an deem Domän leeft, ass dat tatsächlech eppes, wat eiser Plaz nëmme Guddes kann doen. An duerfir bréngen ech mat grousser Freed d'Zoustëmmung vun der ADR-Fraktioun.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Reding. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Dir konnt dervun ausgoen, dass et awer wollt e puer Wieder zu deem Gesetzesprojet verléieren, well mat deem Gesetzesprojet, deen hei virläit, gëtt d'Chamber an éischer Linn u sech och gefrot, fir dem Freeport, der Fräihandelszon, eng Faveur ze maachen. Et gëtt virgeschloen, dass dee reduzéierten TVA-Taux vun 8% op den Import vun deiere Konschtwierker elo nach auszeweiden op Kollektionsartikelen an Antiquitéiten. Et gëtt virgeschloen, u sech d'Geschäft an d'Spekulation mat Luxusgidder, wat innerhalb vum Freeport schonn ouni Besteuerung ofleef, elo och ausserhalb steierlech weider ze begënschtigen.

U sech gëtt virgeschloen, d'Multimilliardäre steierlech weider ze entlaaschten an et hinnen nach méi einfach ze maachen, hire Räichtum ze vergréisseren. De Freeport, dat gouf och schonn ugedeit, huet och deen zweifelhafte Mérite, grad emol en halleft Joer op ze sinn a scho fir d'Zweet de President vum Virstand gewieselt ze hunn.

Zwee Härre sinn déi wichtegst Investisseure vum Lëtzeburger Freeport. Do gëtt et engersäits d'Firma Natural le Coultre, dat ass dee gréisste Locataire vum Lëtzeburger an och vum Schwäizer Freeport.

Mä et geet hei net nëmmen ëm Bedruch a Konschtfälschung, mä a Wirklechkeet och ëm systematesche Steierdumping. De Freeport ass e Versuch, fir déi Ultraräich, déi Ultra High Net Worth Individuals op Lëtzebuerg ze lackelen, an dat natierlech just, andeems mir si hei manner oder guer keng Steiere bezuele loosse. Deene Leit gouf also eng nei Spillplaz gebaut, op där se spekuléieren kënnen an nach méi räich kënnen ginn. Räich Leit, deene während der Kris d'Loscht vergaangen ass, mat Immobilien ze spekuléieren, dierfen dat elo mat Konschtwierker an Antiquitéite maachen, quasi steierfräi natierlech!

Dat Gesetz, dat elo hei gestëmmt gi soll, versicht net, d'Geschäfte am Freeport ze reguléieren, versicht och net, déi grenzenlos Spekula-

tioun ze bekämpfen a scho guer net, de Geschäftsmodell vu Lëtzebuerg ze diversifizéieren, wéi et jo bei der Ouverture vum Freeport geheescht huet a wéi et weiderhin heescht. Dat ass eng Kontinuation vun der Logik, déi beim LuxLeaks-Skandal un d'Effentlechkeet koum. D'Regierung erméiglecht de Firmen hei zu Lëtzebuerg, ze maachen, wat se wëllen, schreift hinnen déi Gesetzter, déi si och gären hätten. D'Regierung hofft, dass iergendwann eng Kéier e puer Grimmele vum Dësch falen. A si wëssen awer emol nach net, ob iwwerhaupt Grimmelen eroffalen.

Här President, ee vun deene grouss ugekënnegte Projete vun dëser Regierung ass d'Steierreform. Eng Steuerreform, déi laang a breet soll an der Chamber deemnächst diskutéiert ginn an am Idealfall, esou héiert een eenzel zaghaft Stëmmen aus de Majoritéitsparteien, zu méi sozialer Gerechtegkeet féiere soll, eng Steuerreform, déi duerchduecht soll sinn an e kohärent Ganz soll erginn.

Wat d'Regierung awer hei mécht, ass genau de Géigendeel. Si schaaft elo am Virfeld Fakten. Den 1. Januar vun deem Joer huet d'Regierung eng Steuerreform gemaach. Zanter dem 1. Januar mussen d'Leit 2% méi TVA op deene meeschten Alldagsgidder bezuelen. Och ass den intermédiairen TVA-Taux vu 6 op 8% geklommen, op liewenswichtige Gidder wéi Elektresch oder Gas, eng onsozial Steiererhéijung, déi am meeschten déi trifft, déi net iwwer riseg Zomme verfügen.

Et gouf zwar gëschter eng Etüd presentéiert och, vun der Madame Staatssekretärin Francine Closener, déi versicht, e bëssen den Impakt vun der TVA-Erhéijung ze minimiséieren. Mä ech mengen, doriwwer misst een eng Kéier gutt diskutéieren, wéi den Impakt vläicht och absorbeiert gouf op deene verschiddensten Aart a Weisen, a wien dat och kann absorbéieren am beschten, eng Supermarchéskett oder e klengen Indépendant. Ech mengen, doriwwer kéint een nach vill diskutéieren, well déi blank Zuelen, déi soen net onbedéngt eppes aus.

Schlussendlech déi, déi iwwer vill Geld verfügen, deene mécht d'Regierung hei, bei deem Projet, souguer nach e Steierkaddo. Dëst ass dat, wat mir bis elo vun der Regierung gesinn hunn: bei deene Klengen huelen, fir et deenen Décken ze ginn. An doranner ënnerscheet sech dës Regierung och net vun der CSV, déi dës Projet jo och matdréit.

Mir kéinten och elo iwwer europäesch Solidaritéit schwätzen an iwwer Nation Branding, haut, zwou Woche virum Ufank vun der Lëtzeburger Präsidence. Mir kéinten iwwer Wirtschaftspolitik schwätzen, déi just als Nischepolitik geduecht gëtt an eigentlech am Kär nach ëmmer exklusiv op Steierdumping setzt. Et kéint een och elo nach iwwer Steierflucht, Konschtfälschungen a Geldwäsch schwätzen, mä d'Zäit ass net dofir do, meng leeft of.

Et missten och nach e puer Wieder doriwwer gesot ginn, dass et e Skandal ass, Konschtwierker iwwerhaupt, amplaz effentlech an e Musée ze setzen, an e Bunker ze spären.

Dowéinst nach just ee leschte Punkt, eng Propos: Hei gëtt och driwwer geschwat, fir besser Mesurë géint d'Gefor vun der Terrorismusfinanzierung, géint Drogen- a Waffenhandel ze fannen. A mir als déi Lénk hunn do e Mëttel, dee garantéiert funktionéiert, deen eng gutt Hëllef wäert sinn: Macht de Freeport einfach zou!

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo de Finanzminister, den Här Pierre Gramegna.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, *Ministre des Finances*.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, léif Kollegen aus der Regierung, ech freeë mech, dass mer eng relativ breet Zoustëmmung haut hei kënnen feststellen zu deem Projet de loi, dee sech, wéi richtig ënnerstrach, inséiert an eis Diversifikationspolitik souwuel op där enger Säit vun eiser Finanzplaz an an engems och opbaut op engem neie Sektour, deen iwwert déi lescht zéng, 15 Joer entwéckelt ginn ass, deem vun der Logistik.

Dräi Haaptparagrafen hu mer hei an deem Gesetz: Mir hunn en Aspekt TVA, mir hunn en Aspekt Akzisen a mir hunn en Aspekt Bekämpfung vum Blanchiment. Vlächcht ee Wuert zu jiddwerengem vun deene Paragrafen.

A Saachen TVA wollt mer d'Gesetz clarifiéieren, ënner anerem och fir temporär Sortéieren dem Freeport ze erlaben, fir kënnen justement op eng Stee ze goen oder op eng Ausstellung an erëm zrëckzekommen. Dat ass och vun der Direktiv TVA virgesinn, dass een esou eppes ka maachen. A mer hunn da vun där Facultéit profitéiert.

Dat Zweet ass an deem Kontext vun der TVA, dass mer e fiskalesche Regime maachen, dee virdeelhaft ass, haaptsächlech justement fir op Steeë kënnen matzemaachen. Et muss ee wëssen, dass eis Nopeschlänner alleguerten an och England e ganz favorablen TVA-Taux hu fir esou Steeën an dass dat expressis verbis an der TVA-Gesetzgebung virgesinn ass vun der EU a mer dann dovunner Gebrauch maachen an duerch dann den Taux réduit vun 8% op enger Marge bénéficiaire, déi reduzéiert ass, wäerten applizéieren. Mir maachen also keen extrae Lëtzeburger Regime, mir profitéieren vun eppes, wat d'EU-Direktiv iwwert d'TVA souwiesou virgesäit.

Ech géif soen, dat ass, vum Wirtschaftlechen, vum Fiskaleschen, d'Essenz vum Projet. Mir hu profitéiert, fir - an dat ass en annexen Aspekt - de maximale Montant vun Akzisen um gerullten Tubak, fir dee maximale Saz, dee méiglech ass, am Gesetz ze verankeren, well mer elo iwwert déi lescht Joren un déi al Limite ukomm ware vun zéng Euro. A mir setzen elo deen Taux op 25 erop, wann een an Zukunft de Besoin hätt, deen Taux an d'Luucht ze setzen.

An dann den drëtten Punkt ass vlächcht deen, dee vun der Aktualitéit hier deen interessantsten an och dee wichtigsten ass. Dat ass, ob ee soll dee Freeport der Gesetzgebung géint d'Wäisswäschen ënnerwerfen. Mir hunn dat no alle Kritäre gekuckt. An en fait ass den Droit positif folgenden: Dass een dat net misst maachen, mir awer geduecht hunn, dass mer missten am Intérêt vun der Reputatioun vum Freeport an am Intérêt vun der Reputatioun vum Land virgräifen, virgräifen, andeem een op eng präemptiv Aart a Weis seet: Mir ënnerwerfen de Freeport nawell dës Regeln, obwuel et net vum GAFI, vun der OCDE onbedéngt erfuerdert ass.

Wat huet eis dozou gefouert? Ech géif soen, Evolutionsen an de leschte Joren, wat de Marché vun der Konscht ubelaangt. An engem Ëmfeld, wou d'Zësen immens niddreg sinn, ass de Marché vun der Konscht extrem spekulativ an extrem attraktiv ginn, soudass also do e Risk besteet. An d'generell Regele vum GAFI soen eis: Wann e Risk besteet, wann eng gewëssen „Vulnerabilitéit“ - dat ass d'Wuert, wat gebraucht gëtt - an engem Sektour do ass, da soll ee preventiv virgoen. An dat wollt mer heimadder maachen.

Mir hunn och den Avis vun der Chambre de Commerce ganz sérieusement gekuckt. Ech mengen, d'Chambre de Commerce huet eng Foto op haut gemaach a gesot: Dat ass eng Obligation méi, déi mer dem Freeport-Taux ginn, där mer de Freeport ënnerwerfen. An d'Regierung huet fonnt, an ech si frou, dass déi meescht Parteie queesch duerch d'Boot hei dat och esou gesinn, dass mer Intérêt hunn, dass mer méi virsiichteg si wéi de Minimum. An en fait soen ech mer och Folgendes: Dat ass herno souguer och vlächcht e Verkäfsargument, e Kompetitivitätsargument, wann ee kann no bausse soen, dass een déi Regele vum Blanchiment preventiv, par rapport zu deem, wat international virgesinn ass, anhält.

Vlächcht ee Wuert, wéi dat alles geregelt ass. Mir hunn en fait zwou Administratiounen vum Stat, déi am Freeport wäerten tätég sinn oder schonn zum Deel tätég sinn. Dat eent ass d'Administration des Douanes. Déi kontrolléieren d'Wueren, déi erakommen. An d'Administration de l'Enregistrement ass zoustänneg fir d'Gesetzter géint de Blanchiment. Domat ass dann de Freeport deeneselwechte Gesetzter ënnerworf wéi eng Bank, awer och wéi e Bijoutier oder wéi e Garagist oder wéi ganz vill aner Commerçanten. Ech mengen, domat leeschte mer dem Freeport en Dëngscht, awer och senger eegener Reputatioun.

Ech géif och gären hei ënnersträichen, dass mer déi Regeln zesumme verfaasst hunn, an der Kooperatioun mam Sektour, mam Freeport selwer, awer och mam Ministère de la Justice, deen an deene Saache federführend ass. An dat Ganz mat engem Bléck och op d'Zukunft, wat fir eng Regeln op eis do zoukommen.

Ech mengen, dass mer mat deem heite Gesetz eise Freeport modern, flott a konkurrenzfähig maachen an an engems wegweisend fir d'Zukunft. An deem Sënn freeën ech mech iwwert déi breet Zoustëmmung, déi mer haut hei ronderëm d'Parlament konnt heieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Minister.

Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6713 iwwergoen.



Vote sur l'ensemble du projet de loi 6713 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6713 ass mat 58 Jo- géint 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter (par M. Félix Eischen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Boffering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Ely Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber och bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dat ass esou décidéiert.

Mir kommen dann zu eise nachste Punkt vum Ordre du jour, enger vun der Regierung gefroter Konsultatiounsdebatt iwwer méi Sécherheet am Stroosseverkéier mat dem Objektiv, null Affer ze erreechen. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch.

6. Débat de consultation sur «Vision Zéro - Comment combattre l'insécurité routière durablement?»

Exposé

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, mir haten, bannent elo enger Woch, fënnef Doudeger op eise Stroossen, dorënner eng Polizistin, déi ënner ganz trageschen Ëmstänn hiert Liewen huet misse loosse, well se hirer Aarbecht nogaangen ass. Zënter dem Ufank vum Joer, ech hunn d'Lëscht elo hei just kritt, aktualiséiert: 17 Doudeger direkt op der Strooss, plus een Doudegen, deen nodréiglech gestuerwen ass, am Fong 18 Doudeger op eise Stroossen! E ganze Koup schwéier Accidenter mat ganz schwéier Blesséierten. An d'Ursaache vun deenen Accidenter sinn, géif ech soen, zu iwwer 80% ëmmer déi nämlech: d'Vitesse an Alkohol, an oft Vitesse an Alkohol kombinéiert.

An ech muss soen, dee Misär, dat Leed, dat dat mat sech bréngt, dat ass terribel, net nëmmen natierlech fir déi direkt Betreffen, oft Onschëllege, déi hei mussen drënner leiden, mä och fir dee ganzen Entourage, oft awer och natierlech fir déi, déi dat Ganzt verursaachen, andeem se mat Onverstand gefuer sinn, déi dann nodréiglech, duerno sech eréischt de Konsequenzen oder eréischt bewusst sinn, wat se ugeriicht hunn.

Mä et ass awer gradesou kloer, Här President, Dir Dammen an Dir Hären: Weder ech nach d'Regierung wëllen dat doten nokucken! An duerfir si mer zënter engem Joer amgaangen drun ze schaffen, fir e ganze Programm ze lancéieren, fir ze kucken, datt mer déi dramatesch Bilanz do erofkréien.

Déi ass dramatesch, well mer och am europäesche Verglach extrem schlecht dostinn. Soit, datt ech weess, datt natierlech fir e klengt Land wéi Lëtzebuerg, relationell gesinn, d'Zuelen ëmmer natierlech en vue vun der Klengheet an der Bevëlkerungszuel, déi mer hunn, e bësse relativéiert sinn, mä si ass awer am Total dramatesch. An et ass och dramatesch, ech wäert lech herno e puer éischt Zuele matdeelen do-

vun, zënter dem 1. Juni, wéi de Punktführerschäin verschäerft ginn ass, wou d'Police während aacht, zéng Deeg déi éischt Kontrolle gemaach huet, wat dobäi erauskomm ass.

Dat, trotz datt mä Ministère eng ganz, ganz breet Campagne gemaach huet iwwer Woche virdrun, virum Antriede vum Punktführerschäin, dat heescht, wou am Fong een hätt misse sech soen, grad elo missten dach verschidde Leit sech bewusst sinn, datt ee Verschiddenes einfach net méi soll an net méi kann an net méi därfer maachen. D'Realitéit ass awer, leider, eng aner.

D'Verkéierssécherheet ass duerfir fir mech an och fir d'Regierung eng Topprioritéit. All Regierungsmember huet sech souguer engagéiert zu verschiddene Mesuren, jiddweree spezifesch a sengem Beräich. An ech hunn en Aktiounsplang der Regierung virgeluecht virun enger Rei Méint, deen och natierlech ugeholl ginn ass. Deen Aktiounsplang ass ausgeschafft ginn iwwer ee Joer mat alle relevanten Akteuren hei zu Lëtzebuerg, déi de près ou de loin eppes mat Stroossen- oder Verkéierssécherheet ze dinn hunn. Dat heescht, dat geet vum Automobile Club bis bei d'Sécurité routière, AVR, awer och selbstverständlech all Ministère a Verwaltungen, déi do mat dra sinn. All déi hu matgeschafft an dräi, véier Sétzungen, d'lescht Joer, fir deen Aktiounsplang auszeschaffen.

Deen Aktiounsplang, dee baséiert op dräi Sailen: Preventioun, Sensibilisatioun a Repressioun. An ech soen och direkt: Et geet nëmmen, mir kréien dat Ganzt nëmmen an de Grëff, wa mer déi dräi Sailen zesumme wierke loosse. Eng eleng bréngt eis näischt. Dat ass nëmmen eppes Hallwes, eppes Véierels. An déi eenzel Saile wierken och nëmmen, well se bestärkt ginn oder verstärkt ginn duerch déi aner.

D'Preventioun, fir just e puer Beispiller ze ginn: Wat versti mer dorënner?

Dat ass natierlech emol an enger éischer Stell Nobesserungen um Stroosseréseau. Do geet et drëms, déi geféierlech Punkten, déi sougenannten „points noirs“, ze detektéieren - dat ass och geschitt entre-temps - an dann ze kucken, wéi mer am Stroosseréseau nobessere kënnen, datt geféierlech Situatiounen net kënnen entstoen duerch de Stroosseréseau selwer, oder méiglechst net. Ech mengen, net an alle Fäll kann ee stroossebaulech eppes maachen.

Dat sinn awer och aner Mesuren, wéi zum Beispill, datt mer d'Kreditabilitéit vu verschiddenen Aktiounen, déi mer maachen - zum Beispill eng Zon 30 ze installéieren, wou mer jo wëlle méi wäit och goen an deenen nächste Joren, och op Statsstroossen dat erméiglechen, ënner ganz spezifesch Bedéngungen -, datt awer déi Mesuren eng gewësse Kreditabilitéit hunn, datt mer net einfach Schëlde mat 30 dohinnersetzen an da mengen, da géifen d'Leit mat 30 fueren, oder och souguer mat enger anerer Vitesse, mä datt dann och de Stroosseraum esou misst aménagéiert sinn, datt en deem entsprécht, där Vitesse eenegermoossen entsprécht, déi mer wëllen do kréien.

An dann natierlech och Saachen diskutéieren, dat gehéiert och zur Preventioun, wéi Reduktioun vun der Vitesse ausserhalb vun den Agglomerationen, well ech wëll drop hiweisen, datt déi schlëmmsten Accidenter net an den Agglomeratione geschéien, och emol net op den Autobunnréseauen - do geschéien der och -, mä dat ass net déi grouss Unzuel. Déi grouss Unzuel geschitt ausserhalb vun den Agglomerationen, op de Landstroossen. Och do unzesetzen.

An dann natierlech awer och esou Saachen ze maachen, wéi zum Beispill Stagen, am Kader vu sougenannten „peines pédagogiques“, fir déi anzeféieren, fir iwwert dee Wee... Do geet et zwar méi natierlech drëms, d'Leit dozou ze bréngen, déi eng kéier eppes, en Accident provozéiert hunn, fir dann duerno preventiv derfir ze suergen, datt se sech bewusst ginn, firwat et geschitt ass an et net méi duerno maachen. Well ech mengen, déi Strof, déi ee kritt, sief et, wann et nëmmen e Protokoll ass oder, wann et awer méi wäit geet, e strofrectlechen Aspekt nach hannendrun ass, datt ass eng Saach. Ech mengen, déi „peine pédagogique“ ass sécherlech e Volet, deen och derzou gehéiert an deen ech éischer och gesinn als Preventioun fir d'Zukunft.

Déi zweet Sail ass d'Sensibilisatioun.

Dat sinn natierlech all eis Opklärungscampagnen, déi mer maachen. Mir haten, wéi gesot, eng, déi leeft souguer och nach weider, ronderëm de Punktführerschäin. Déi huet wochelaang gedauert; all méiglech Aktiounen hu mer gemaach do ronderëm. Dat sinn awer och d'Stagen zu Colmer-Bierg, wou et drëms geet, déi spezifesch Fuereis ze analyséieren an och de Leit, de Chauffeuren, méi daitlech ze maachen, wat dann déi potenziell Risike sinn, wann ee fiert.

Well, ech mengen, wann een de Führerschäin mécht, ass dat esou, da léiert ee vläicht fueren an de Code de la route ze respekéieren respektiv eenegermoosse wéi ee soll fueren, mä et léiert een net d'Bewosstsäin kréien, datt een eigentlech den Auto net kontrolléiert an datt et vill Imprévue gëtt an datt et dobaussen eigentlech kee Mënsch gëtt, deen den Auto honnertprozenteg kontrolléiert, well einfach ze vill Saachen do dertëschent kënnen passéieren am Stroosseraum, déi een einfach net ka virausgesinn zum Beispill! Oder datt een d'Vitessen net richtig aschätzt, net richtig versteet a sech virun allem de Konsequenzen dovunner net bewusst ass, wat dat ka bewierken. Ech mengen, och dat si Saachen, déi zu der Sensibilisatioun zum Beispill gehéieren.

Deen drëtte Volet ass d'Repressioun.

Do war natierlech de Punktführerschäin, d'Verschäerfung vun de Strofen eppes. An ech hu virdu gesot, mir... Zënter dem 1. Juni ass en a Kraaft. Mir haten eng riseg Campagne gemaach. An ech wëll lech just ee Beispill eraushuelen, fir lech ze illustréieren, datt tëschent dem 1.6. an dem 10./12.6. d'Police e bësse Kontrollen doruechter gemaach huet. An do, Dir wësst, datt mer elo ewell bei dem Handynotzen um Steier do Punkten ofzéien, d'Protokoller och verduebelt gi sinn. An awer, trotz der Campagne, bei deene puer Kontrollen, déi gemaach gi sinn, sinn 154-mol zwee Punkten ofgezu ginn an deene Campagnen! Dat heescht, et ass bal net ze verstoen, datt no wochelaange Campagnen, wou jiddweree sech däärs jo misst bewusst sinn, dat awer geschitt ass!

Ech wëll awer derbäisoen, datt een hei awer och gesäit, wéi wichteg datt et ass, datt mer do Punkten agefouert hunn, well ech mengen, an dat ass jo dee wichtigsten Aspekt, psychologesch, beim Punktführerschäin, datt ass, wann een awer da Punkte verluer huet - hei sinn et der elo zwee; wann et bei Vitesse ass, kënnen et der an Zukunft bis sechs ginn -, dat verhält een an da passt een op duerno, mindestens eng Zäit. Déi Zäit, déi dräi Joer duerno, wou ee weess, datt ee scho vill Punkte verluer huet, ännert een och d'Fuereis. An dat spillt da sécherlech mat dran.

An dann natierlech d'Radaren. Mir waarden elo nach op deen zweeten Avis vum Statsrot. Ech hat gesot, ech hätt gär, datt virum Summer 2015 mer dat Gesetz duerch d'Chamber kënnen kréien. Dat wäert eis geléngen. D'Avisen, also d'Amendementen, déi d'Chamberskommission eraginn huet, fir dem éischen Avis Rechnung ze droen, wou...

Iwwregens, ech hunn an enger Zeitung gelies, dat wier e ganz negativen Avis gewiescht. Et muss ee sech awer emol virstellen, deen éischte Projet, deen éischte Versuch, dee gemaach gi war beim Radarsgesetz, deen ass zerrappt gi vun A bis Z. Hei war eng eenzeg Opposition formelle dran. An déi war nach eng, wou och de Parquet a sengem Avis schlussendlech drop opmierksam gemaach hat. Dat heescht, et ass eppes, wat mer och wossten, wou och duerfir kee Problem war, fir déi Fro geléist ze kréien.

Dat hu mer och gemaach, also d'Chamber huet dat gemaach iwwert d'Amendementen, déi bei de Statsrot geschéckt gi sinn, soudatt ech dovun ausginn, datt mer den zweeten Avis, well dee relativ einfach wäert gi fir de Statsrot, well mer allem Rechnung gedroen hunn, an deenen nächsten aacht, zéng Deeg nach wäerte kréien. An da gëtt dat Gesetz hoffentlech hei unanime vun der Chamber gestëmmt, nach virun der Summerpau.

An da kann ech och déi aner Phas definitiv ulefe loosse, déi awer ganz..., an der Preparatioun si mer am Timing dran, nämlech vun der Installatioun respektiv dem Zouschlag, fir d'Apparater ze kafen, déi da bis Enn des Joers sollen installéiert ginn, fir datt Ufank d'nächst Joer déi Radare wäerte fonctionnéieren.

An da wëll ech och soen, datt, wann een iwwer Radaren oder Repressiounen am Allgemenge schwätzt, dat net esou ass, wéi dat och duergestallt gëtt, datt dat eng Machine à sous ass, well et ass net d'Recette: Mir, ech erhoffe mer, datt déi Radare méiglechst weineg Leit flashen, well dat ass jo den idealen Zoustand. Mä souguer déi, déi geblëtzt ginn, an déi Recetten, déi mer do kréien, déi si minimal. Virun allem si se minimal par rapport zu deem Erspuernis, ech schwätzen da quer net vum Misär, dee mer eis erspueren, well mer jo d'Vitessen erofgesat kréien a manner Accidenter kréien. Ech schwätzen awer hei elo reng vu finanzielle Recetten. Den Erspuernis fir d'Allgemengheet ass virun allem ze gesinn duerch de Fait, datt mer manner Accidenter hunn!

An ech wëll lech just soen, ech hunn, mir hunn eng Etüd maache gelooss - dat ass am Fong eng Etüd, déi baséiert op Zuelen, wéi se an Däitschland existéieren; déi sinn awer bei eis plus ou moins d'nämlech -, fir emol eng kéier genau berechnen ze loosse, wat eis dann en

Accident kascht, niewent dem Misär an dem Leed fir déi Betreffen an den Entourage. Wat kascht eis dann als Allgemengheet en Accident finanziell, wann esou eppes geschitt?

An do kënn eraus - haalt lech un! -, wann et sech ëm en Accident handelt, deen op enger Autobunn geschitt zum Beispill, wou een ëm d'Liewe kënn oder e Schwéierblesséierten entsteet, da kascht esou en Accident d'Allgemengheet 360.000 Euro! A wann et e Liichtblesséierten ass, 44.000 Euro. Bei de Landstroossen ass et natierlech manner: 240.000, 241.000 Euro. A wann et innerorts ass, 187.000 Euro. Dat heescht, do sinn all d'Fraisen agerechent, déi iergendwéi mam Accident ze dinn hunn. Dat geet vun den Ambulanzen, déi mussen op d'Plaz kommen, wat un de Stroosse futtgeet an, an, an. D'Assurancen-, Affekotekäschten, déi entstinn, Gesondheetskäschten, déi entstinn.

Also, wéi gesot, 361.000 Euro spueren mer der Gesellschaft, niewent deem ville Misär a Leed, bei all Doudegem oder Schwéierblesséiertem, dee mer op der Strooss oder op der Autobunn manner hunn. An dat ass de Gewënn fir d'Gesellschaft, dee mer kréien duerch esou Mesurén wéi zum Beispill, ënner anerem, d'Radaren, mä och aner Saachen, déi mer treffen.

Natierlech gehéieren zur Repressioun och méi Kontrollen. D'Police huet jo och elo ugekënnegt, datt se bis Enn Juli ganz staark wäert kontrolléieren. Och dat ass grouss ugekënnegt ginn. Jiddweree misst et wëssen, datt schaarf kontrolléiert wäert gi bis Enn Juli, mat der Zilsetzung, emol eng kéier e Mount ze kréien ouni Accident. Ech fannen dat eng super Initiativ vun der Police, déi se do hëlt. An ech mengen, wann déi mobil Radaren eng kéier bis do sinn, ginn esou Kontrolle wéi déi doten - déi gehéiere jo och zu deem, wat mer wäerte stëmmen hei - nach méi einfach.

Deen Aktiounsplang ëmfaasst also insgesamt, ënnert deenen dräi Sailen, 29 verschidde Mesuren. An och do wëll ech, well jo ëmmer gemengt gëtt dobaussen, jo, elo géif nëmmen op Repressioun gesat ginn, wëll ech hei emol opléischen, wat déi 29 Mesurén sinn.

Do sinn der néng Stéck, déi betreffen d'Repressioun, zéng Stéck betreffen d'Preventioun an zéng Stéck d'Sensibilisatioun. Dat heescht, zwee Drëtter, déck zwee Drëtter vun deene Mesurén sinn am Beräich vun der Preventioun an der Sensibilisatioun an nëmmen een Drëttel ass d'Repressioun. Och emol eng kéier, fir dat kloerzestellen. Mä, wéi ech awer virdrun erkläert hunn, déi dräi Saile mussen zesumme fonctionnéieren, well soss gräife se net an da kréie mer och kee Resultat.

Mir hunn eelef Défien, déi si beschriwwen ginn an deem Aktiounsplang.

Deen éischen ass natierlech, dat ass dee wichtigsten, d'Problematik vum Excès de vitesse, fir deen an de Grëff ze kréien. Wa mer dat packen, kréie mer wierklech d'Accidenter zolidd erofgesat.

Deen zweeten, hunn ech och scho gesot, dat sinn d'Drogen en général, mä virun allem den Alkohol, deen déi gréisste Ravagé mécht, mä awer och d'Medikamenternotzung, wann een hannernt dem Steier ass. Och do, dat ass natierlech elo sécherlech eng manner grouss Enver-gure. Et ass awer och e bëssen eng Donkelziffer, well mer et net esou richtig wëssen. Mir wëssen am meeschte bei Drogen, bei Alkohol. Mä den Alkohol ass natierlech deen, wou et am meeschte spillt.

Drëtter Punkt ass d'Förderung vun de Sécherheetséquipementer am Stroosseraum.

Dee véierten ass d'Reduktioun vu geféierleche Verhalensweisen. Ech mengen, dat betrëfft alles dat, wat ech gesot hunn, wat zu Colmer-Bierg gemaach gëtt, wou d'Leit solle geléiert ginn, wat dat heescht, wat iwwerhaupt eng geféierlech Verhalensweis am Verkéier ass.

De fënneften ass e ganz wichtegen: Dat ass de Schutz vun de vulnerabele Verkéiersteilnehmer. Dat sinn haauptsächlech Foussgänger, Vëlofuere-der oder och souguer Motocyclisten. Mä haupsächlech d'Foussgänger a Vëlofuere-der, wou ëmmer nach dramatesch Saache geschéien. Nach elo rezentenweis ass eng eeler Persoun erëm dout iwwerrannt ginn op engem Foussgängersträifen!

An dann de sechste Punkt, d'Stroosseninfra-structure méi sécher maachen. Ech mengen, dat hunn ech erkläert.

De siwente Punkt ass eng kohärent Preventiounspolitik. Ech mengen, do spillt och d'Aneneegräife vun deenen eenzelnen Instrumenter an och d'Zesummeschaffe vun deenen eenzelnen Akteuren eng wichteg Roll.

Deen aachte Punkt ass eng besser Ausbildung vun de Chauffeuren en général. An och do musse mer, mengen ech, drun denken, eng kéier de Führerschäin als solchen ze iwwerden-